

Evenementskalenner



Quizowend - 23.10.2026

Chrëschtmaart - 11.12.2026



Bal '40 Joer' - 24.04.2027



Schoulfest - 09.07.2027



Dir kënn och elo schonn en Don maachen direkt per WERO
oder op den: LU74 0019 1955 6943 7000 BIC:BCEELULL
Beneficiaire: le Soleil dans la Main A.S.B.L.
mam Vermierk '40 Joer Schoul Kietscht' (steuerlich ofsetzbar)
méi Informatiounen op www.ecole-koetschette.lu



GEMENG
RAMMERICH

an Zesummenaarbecht mat der Maison Relais a mat der Ënnerstëtzung vun der Gemeng Rammerich



Schoul Kietscht

Schoul Kietscht

D'Geschicht vum Site vun der Zentralschoul zu Kietscht

1978

Decisioun fir eng
Zentralschoul zu Kietscht
ze bauen



1986/87

Aweigung vun der neier
Zentralschoul:
8 Klassesäll, 3 Annexen
an eng Sportshal

1993/94

1. Ausbau:
6 zousätzlech Klassesäll,
e Festsall, e Konferenzsall
an eng
Déngschtwunneng

2000/01

2. Ausbau:
7 nei Klassesäll, e grouse
Festsall um éischte Stack
an e Schoulrestaurant am
Sous-sol

2004/05

Fäerdegstellung vun der
neier Schwämm



2013/14

3. Ausbau:
neit Gebai fir d'Maison
relais an de Cycle 1,
Ëmbau vum fréiere
Pavillon vun der
Spillschoul fir déi nei
Crèche

1986-2026 - Verschidde Bauprojeten: Busarrêt, Spillplazen, Parking,
syntheetesche Fussballsterrain, Containergebai...

Mat ärer Hëllef entsteet eng Schoul

„Le Soleil dans la Main“
ass eng ONG, déi sech mat
vill Häerz fir de Kannerschutz
an den Zougang zu enger
gudder Bildung am Burkina Faso
engagéiert.



Tëschent Enn 2024 a Mëtt 2026 hu si:

- 6 bioklimatesch Schoule gebaut
an equipéiert
- 7500 Schoulbicher verdeelt
- 500 Kanner a Jugendlecher
Schoulmaterial a Bourse ginn
- 100 vulnerabel Kanner a Sécherheet
bruecht an all Dag betreit
- 93 Famillje finanziell ënnerstëtzt a Formatioune fir eng nohalteg
Aarbecht ugebueden

Fir dës Projeten ze ënnerstëtzen an den eventuelle Bau vun enger weiderer
Schoul ze erméiglechen, probéiert d'Léierpersonal an Zesummenaarbecht mat
der Gemeng Rammerech an hire Veräiner am Kader vu
„40 Joer Schoul Kietscht“ während engem ganze Joer 40.000€ u Spenden ze
sammelen.



le Soleil
dans la Main • ONG

